



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

Luxembourg, le **- 6 SEP. 2021**
Réf. QP-115/21

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service Central de Législation
Luxembourg

Objet : Question parlementaire n°4876 « Agression dans un parking » du 19 août 2021 de l'honorable
Député Fernand KARTHEISER

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire tenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous
rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma considération distinguée.

Sam TANSON
Ministre de la Justice

Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Sam Tanson, Ministerin fir d'Justiz, an vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet op parlamentaresch Fro n°4876 vum 19. August 2021 vum éierbaren Deputéierten Här Fernand Kartheiser

Dës parlamentaresch Fro verweist op eng präzis Affär, wou den Dossier beim zoustännegen Untersuchungsriichter läit an engersäits dem „secret de l'instruction“ ënnerleit an anerersäits Persounen concernéiert, déi sech nach mussen fir déi reprochéiert Faits veräntwerten an hir Defense duerleeën kennen am Respekt vun der Onscholdsvermuddung, deemno ass et net méiglech Detailer präisginn aus enger lafender Instruktioun ofgesi den betroffenen Läit (Affer an Inculpéierten).

D'Faits, wéi se an dëser Affär beschriwwen gi, gi reegelméisseg ëffentlech gemaach duerch déi respektiv Pressezerwisser vun der Police an der Justiz. D'Zuel vun den geklauten Bijoue, wéi beispillsweis Ketten an Unhänger, ass iwver déi lëscht Zäit an d'Luucht gaangen, wat d'Zerwisser vum Parquet och kommunizéiert hunn.

Iwwert déi traditionell Medien an divers sozial Plattformen gëtt d'Police dem Bierger reegelméisseg generell präventiv Rotschléi zu all Zorte vu Strofdoten, sou och Déifstall vermëttels Gewalttätegkeeten oder Trickdéifstall.

De Constat dat et sech heibäi sollt em héich organiséiert Kriminalitéit handelen, déi vun Diddenuewen aus operéiert an speziell den nationalen Territoire viséiert, kann säitens Justizautoritéiten net confirméiert gi. Et handelt sech majoritär em jonk Läit (sief et Mannerjäreger oder jonk Erwuessener), déi sech op der Strooss an a verloossenen Haiser ophalen, ouni spezifeschen Rattachement. Den Phenomen ass weder enger spezifescher Band verschëlt, nach d'Resultat vun organisierter Kriminalitéit, am juristeschen Sënn vum Terme.

E reegelméisseg Kontakt an Austausch vun Informatiounen tëscht der lëtzebuerger Police an de Police-Corpsen an den Nopeschlänner gehéiert zur Policeaarbecht.

Et sief verséichert dat souwuel Justizautoritéiten wéi och Police den Phenomen ganz eescht huelen. Eng sëllegen Enquêtes an Instruktiounen sinn a ginn gemaach.